D'Akomesse fir Leit mat Behënnerung a besonnesch och den „Revenu pour personnes gravement handicapées“ gi reforméiert. Den „RPGH“ dierf net méi vum Staat zeréckgefuerdert ginn. D'Zil ass, datt all Leit mat Behënnerung kënnen op en adequat Akomesse zielen, dat der Präisentwécklung an hirer Liewenssituatioun och ugepasst gëtt. An deem Sënn wëlle mir och fir e Pensiounsalter fir Mënsche mat Behënnerung suergen, deen däitlech manner ewéi 40 Joer Cotisatiounen verlaangt. Domat gëtt och verhënnert, datt eeler Leit mat Behënnerung ongerecht finanziell Verloschter erliden.

11. Eeler Matbierger – den 3. Alter

(Ruffbus oder de PlusBus)

Egal ob fir Akeef ze erleedegen, op e Rendez-vous ze fueren oder fir den Uschloss un en Zuch oder Bus ze kréien, dëse Service suergt fir eng besser Mobilitéit mat gréisserer Flexibilitéit. Grad och fir Leit mat kierperlecher Aschränkung oder mat Behënnerung ass et eng grouss Hëllef, well de Service hinnen e weidert Stéck Selbstännegkeet gëtt oder erhält. Dofir wäert d'ADR den Ausbau an d'Ergänzung vun dësem Service senger Offer ënnerstëtzen.

12. Fra a Mann

Chancëgläichheet

Dofir soll och bei banalen Installatiounen ewéi Wéckeldëscher op öffentlechen Toiletten dru geduecht ginn, datt am plaz just d'Fraentoilette och all Toilette fir Mënsche mat Behënnerung am öffentleche Raum mat engem Kannerwéckeldëscher muss ekipéiert sinn, fir datt och d'Pappen d'Méiglechkeet hunn, hir Kanner frësch ze wéckelen, wa si ënnerwee sinn.

16. D'Gesondheitswiesen

Recht op Liewen

Nach ëmmer ass eng diagnostizéiert Trisomie 21 en Doudesurteel fir vill Kanner – dat soll eiser Meenung net esou sinn. Och dofir wëlle mir endlech den Elteren, déi e Kand mat Behënnerung hunn oder erwaarden, méi staark hëllefen. Si solle wëssen, datt de Staat sech ëm hir Kanner këmmert, och wa si selwer eemol ze al oder ze schwaach dofir gi sinn. Eis Gesellschaft soll net ëmmer nëmme vun de Rechter vun de Leit mat enger Behënnerung schwätzen, mee si soll sech och aktiv fir déi Leit engagéieren – credibel, resolut a laangfristeg.

18. Ëmwelt-, Natur- an Déiereschutz

Assistenzhënn

Grad ewéi d'Mënsche kënnen och Déiere krank ginn oder sech verletzen. Bei Veterinärskäschte kënnen och séier héich Zommen onerwaart zesummekommen. Wann onerwaarte Rechnunge vun Déierendokter direkt musse bezuelt ginn, kann dat heiansdo eng grouss finanziell Schwieeregkeet bedeiten. Bei de Veterinärskäschte vun den Assistenzhënn, och Rehabilitatiounshënn genannt, soll sech de Staat staark bedeelegen. Dës Hënn si keng einfach Hausdéieren. Duerch eng speziell Ausbildung si si an der Lag, erwuesse Mënschen an och Kanner mat schwéierer Behënnerung bei liewenspraktesche Fäegkeeten am Alldag ze ënnerstëtzen, esou datt si hiren Alldag méiglechst selbstänneg bewältege kënnen. An där Hisiicht sinn dës Hënn als Deel vun engem Hëllef- an Ënnerstëtzungsprogramm am mënschleche Gesondheetssystem ze kucken. Doduerch, datt si eng grouss Hëllef an zum Deel eng Noutwendegkeet fir d'Meeschtere vu ganz aldeeglechen Aktivitéiten an d'Wuelbefanne vun deene betraffene Leit duerstellen, sollten hei aner a méi generéis Bestëmmunge virgesi ginn. An deem Sënn soll och generell d'Therapie mat Hëllef vun Déieren am Lëtzebuerger Gesondheetssystem en anere Stellwäert kréien. An dësem Beräich ginn et Therapieformen, déi grouss Erfolleger opweisen a scho ville Leit gehollef hunn. Begleethënn sollen och beim Adaptoservice dierfen am Bus matgeholl ginn.

24. Demokratie an Institutiounen

D'ADR strukturéiert déi verschidde Ministèren nei.

Reng ideologesch Ministèren, Administratiounen an Organisme ginn ofgeschaaft. Hir eventuell sënnvoll Kompetenzberäicher ginn an aner Ministèren integréiert. Dëst betrëfft z.B. den „Ministère de l'Égalité entre les femmes et les hommes“ (MEGA). Aktivitéiten ewéi z.B. d'Promotioun vun der Genderideologie an déi entsprechend Sproochregelunge gi komplett gestoppt an onnéideg Servicer ofgeschaaft. Déi wichteg Servicer, déi sech ëm Mënsche

mat enger Behënnerung këmmere kommen awer an de Kompetenzberäich vun engem anere Ministère.

27. Justiz

De Prisong

Sou muss de Staat déi kierperlech Integritéit an déi séilesch Gesondheet vun de Prisonéier an ugemossener Weis schützen. Vulnerabele Prisonéier, z.B. mat enger kierperlecher oder geeschteger Behënnerung, muss e verstärkte Schutz zoukommen.

28. Steierpolitik a Staatsbudget

Bei aller Spuersamkeet mussen am Staatsbudget ëmmer genuch Margë sinn, fir Häertefäll ofzeschaffen. Dat reecht vun engem engagéierte Kampf géint d'Aarmut an d'Precaritéit bis hin zu méi gerechte Steiere fir eleng erziend Leit a fir Wittleit oder och zu enger Reform vun der Assurance-dépendance a vum Adapto.

8. Piraten

Website: www.piraten.lu

Angebote Sprachen: LUX, FRE, ENG, POR.

Kandidaten bewerben sich für: Norden, Osten, Süden, Zentrum.

8.1. Technische Analyse des Wahlprogramms

Das Wahlprogramm ist nur in Luxemburgischer Sprache verfügbar.

8.1.1. Datei "PIRATEN_Wahlprogramm_v1.0-1.pdf"

- Beschreibung
 - Es ist ein Kompletprogramm.
 - Anzahl der Seiten: 292.
 - Sprache: Luxemburgisch.
 - Quellprogramm: Adobe InDesign.
- Positiv:
 - Tagging: JA.
- Minus:
 - Keine Bookmarks für Kapitelnavigation
 - Inhaltsverzeichnis nicht verlinkt.
 - Grafiken ohne alternative Texte.
 - Inhalte und Texte über Doppelseiten getrennt.
 - Tagging fehlerhaft.
 - Mehrspaltensatz macht Lesen schwieriger.
- Anmerkungen
 - Die Barrierefreiheit ist nicht ausreichend. Für eine Partei, die sich digitale Kompetenz auf die Flagge geschrieben hat, ist der Grad an Barrierefreiheit des Wahlprogramms nicht ausreichend. Hier besteht noch viel Potential für Verbesserungen.

8.1.2. Datei "kuerzprogramm.pdf"

- Beschreibung
 - Es ist ein Kurzprogramm.
 - Anzahl der Seiten: 1.
 - Sprache: Luxemburgisch.
 - Quellprogramm: Adobe InDesign.
- Positiv:

- -
- Minus:
 - Tagging: NEIN
 - Nur eine Seite. Das ist kein Kurzprogramm, sondern ein Flyer.
 - Mehrspaltensatz macht Lesen schwieriger.
- Anmerkungen
 - Die Barrierefreiheit ist nicht ausreichend. Für eine Partei, die sich digitale Kompetenz auf die Flagge geschrieben hat, ist der Grad an Barrierefreiheit des Wahlprogramms nicht ausreichend.

8.2. Inhalte des Wahlprogramms

Digitaliséierung a Medien

Mir fuerderen:

- Sécherstellen, dass Informatiounen an Dokumenter op öffentleche Siten och accessibel si fir Leit mat enger Behënnerung.

GESELLSCHAFT

Participatiounsrechter fir Persoune mat Handicap

Eng gläichberechtigt Gesellschaft muss eng Gesellschaft sinn ouni Barrièren an Hürden – eng Gesellschaft, an där sech och Mënsche mat Behënnerunge fräi vun Diskriminéierung a Stigmatiséieren entfale kënnen. All Mënsch, mat oder ouni Handicap, huet d'Recht e selbstbestëmmtend Liewe féieren ze kënnen.

Dofir fuerdere mir:

- D'Förderung vun der däitscher Gebärdesprooch an hier Unerkennung als Landessprooch;
- Méi eng grouss Offer u Gebärdesproochdolmetscher a Coure fir Gebärdesprooch fir d'breed Bevëlkerung;
- Persoune mat Handicap eng perséinlech Assistenz erméiglechen an deem Ausmooss an deem se gebraucht gëtt;
- Déi ze stréng Adapto-Krittären iwwerschaffen;
- Asetze vun engem Ombudsman fir Persoune mat Handicap, deen evaluéiert, awéifern d'UN-Behënnerterechtskonventioun ëmgosat an agehale gëtt, an un dee sech Betraffener wende kënnen, wa si sech an hire Rechter verletzt fillen;
- Noutrufsystemer (z.B. a Liften) an Noutruf-Hotlines (wéi den 112), déi och Textmessaging erlaben an am Idealfall eng Live-Chat-Optioun hunn;
- D'Ve affective et sexuelle vu Leit mat Handicap net tabuiséieren: Perséinlech Assistenz an digital Outilen hei als Chance gesinn.

INKLUSIOUN

Feeldenden kloere juristesche Kader

De juristesche Kader ass nach ëmmer e Problem. Ab wéini géllt eng Persoun als handicapéiert, wou fänkt dat un a wou hält et op. Wien huet wat ze gutt? Hei felt et un enger klorer Definitioun. D'Feele vun enger klorer Definitioun bréngt dann och vill Problemer bei den Attestatioune mat sech. Fir dat engt ass eng Persoun mat engem Handicap eligibel, mee

fir dat anert ass se dann awer «net handicapéiert genuch». Et ginn ze vill Ënnerscheeder gemaach, zum Beispill bei dem Statut als travailleur handicapé. Dëst féiert zu ganz absurde Situatiounen. Dat kann an dierf net sinn. Mir fuerderen dowéinst ee kloren a verständleche juristesche Kader.

Tutelle reforméieren

Dat aktuellt Gesetz iwwert Tutellen ass veraalt an eng Persoun huet entweder alleguer seng Rechter oder si huet guer keng Rechter. E wéineg nogebessert gouf méttlerweil beim Walgesetz, wou et eng Upassung gouf. Persounen, déi ënnert enger Tutelle stinn dierfen elo och wile goen. Lëtzebuerg gouf dann och schonn opgefuerdert, fir hei nozebesseren, well eist aktuellt Tutellesgesetz net den Norme vun der Genfer Konventioun entsprécht, geschitt ass awer nach net ganz vill. Hei gétt et also héich Zäit, dass nogebessert gétt. Insgesamt solle Persounen, déi ënnert der Tutelle stinn, nees méi selwer entscheede kënnen an doduerch nees méi Selbststännegkeet a Selbstbestëmmung erëm kréien, amplaz komplett entmëndegt ze ginn.

Dofir fuerdere mir Piraten:

- Dass d'Juges de tutelle net méi fir jiddereen zoustänneg sinn, mee just spezifesch fir e Gruppe vu Leit, wéi zum Beispill Persoune mat engem Handicap;
- Méi Formatioune vun de Juges de tutelle;
- Tutelle muss méi selektiv sinn an net méi nom Prinzip vum ganz oder guer net funktionéieren;
- Tutelle muss flexibiliséiert ginn, dass déi betraffe Persoune selwer vill méi matbestëmme kënnen respektiv dass si méi staark an d'Entscheidungsprozesser zesumme mat hirem Tuteur oder hirer Tutrice agebonne ginn;
- Eng Tutelle soll dann och net automatesch fir de Rescht vum Liewe vun enger Persoun gëllen, mee zäitlech begrenzt ginn. Innerhalb vun engem Delai soll eng Evaluatioun virgeholl ginn, fir ze kucken, ob eng Tutelle verlängert gétt oder net.

Aarbecht an Ateliers protégés

Persoune mat engem Handicap hunn et net ëmmer einfach um Aarbechtsmarché. Vill vun hinne kënnen opgrond vun hirer Behënnerung awer och ni enger «normaler» Aarbecht noگوen. Fir si ginn et sougenannten Ateliers protégés. Hei ginn si vun Educateurs respektiv Educatrices begleet a kënnen a speziellen Ateliers enger Tätigkeet noگوen. Heifir ginn si da mam onqualifizéierte Mindestloun bezuelt. Dëst ass eigentlech gutt Saachen. Leider ginn et awer hei verschidden Ongerechtegkeeten. Och wann Leit mat engem Handicap schonn zënter ville Joren an esou engem Atelier schaffen, sou kréien si awer ëmmer nëmme den onqualifizéierte Mindestloun. Um Aarbechtsmaart ass et awer normalerweis esou, dass en(g) Aarbechter:in als qualifizéiert gëllt, wann hien enger Tätigkeet zënter méi wéi fënnef Joer noگوet. Just am Beräich vum Handicap gétt hei also eng Ausnam gemaach an dës Leit benodeelegt. Dat ass awer net deen eenzege Problem. Och wann dës Aarbechter:innen hir Aarbecht gutt maachen, kënnen si keng Hausse vun hirem Salaire kréien an och een dräizéngte Mount ass fir si net méiglech. Dës Ongerechtegkeete mussen ophalen. Et ass bei de Kontrakter respektiv den Tâchen an den Ateliers awer och schonn zum Mëssverständnis komm. Verschidde Leit kréien hei ee Kontrakt als Aarbechter:in a sinn domat ënnert dem Statut vum Salarié handicapé agestallt. Aner Persoune ginn am Kader vun enger Mesure thérapeutique opgeholl. Si ginn hei zwar an eng Mesure de travail gesat, dës gehéiert awer zur therapeutischer Approche vun der Mesure. Fir dës Léit gétt et soumat och keen Aarbechtskontrakt an si ënnerstinn dowéinst net dem Aarbechtsrecht, mee der Santé.

D'Pirate fuerderen:

- Dass och hei soll déi Reegel mat de fënnef Joer gëllen an d'Aarbechter:innen ab dem Moment de qualifizéierte

Mindestloun kréien;

- Och eng Hausse vum Salaire an d'Méiglechkeet vun engem dräizéngte Mount muss agefouert ginn. Doduerch gëtt een hinnen och d'Méiglechkeet, sech selwer eng Existenz opzebauen an net fir ëmmer op aner finanziell Mëttelen ugewisen ze sinn;
- Et muss méi Aarbechtsplaze vir Mënsche mat engem Handicap kreéiert ginn an dofir sollen och méi Suen zu Verfügung gestallt ginn;
- All Persoun, déi an engem Atelier enger Tâche noheet, soll een Aarbechtskontrakt kréien.

Reform vun der assistance à l'inclusion

All Aarbechter:innen am Privatsecteur mat engem Statut handicapé an all Aarbechter:innen am Privé am Reclassement extern kënnen zesumme mam Patron eng „assistance à l'inclusion dans l'emploi“ bei der Adem ufroen, wann een Aarbechtskontrakt vu mindestens 12 Méint virläit. Dee Moment kuckt een Assistent zesumme mam Aarbechter an dem Arbeitgeber, fir déi speziell Besoine vum Salarié(e) ze definéieren, ee Projet auszeschaffen, fir dës Besoinen z'erfëllen an ee Suivi vun der Ëmsetzung ze maachen. Leider gouf dës Measure bis August 2023 réischt zweemol ugefrot, obwuel et se scho säit Februar 2020 gëtt. Eng vun den zwou Demande gouf dunn och nach zréckgezunn, well se mat ze villen administrativen Hürde verbonne war. Hei muss direkt an effikass nogebessert ginn, fir dass an Zukunft méi Leit vun dëser Measure profitéiere kënnen.

Reform vum Quotesystem fir Leit mam Statut „travailleur handicapé“

De Quotesystem wéi et en am Moment gëtt funktionéiert net. Betriber mat iwwer 300 Mataarbechter:innen misste laut Quotegesetz 4% vun hire Poste mat Leit mat engem Statut Handicap besetzen. 98% vun de Betriber hunn dat 2021 net gemaach. Dofir muss de Quotesystem reforméiert ginn, dass en Leit mat Handicap eng réel Chance bitt, fir um éischten Aarbechtsmaart Fouss ze faassen.

Den Adapto reforméieren

2020 gouf de Spezialtransport Adapto reforméiert. Mat der Gratuitéit vum ëffentlechen Transport ass och dëse Service gratis ginn, mee zesumme mat der Upassung vum Präis goufen och Ännerungen un de Krittäre fir eng Adaptos-Kart ze kréie gemaach, wat dozou gefouert huet, dass eng Rei Persounen, déi virun der Reform vum

Adapto profitéiere konnten, dëst no der Reform net méi kënnen.

D'Fahrte beim Adapto sinn an der Unzuel limitéiert an och bei den Horaire ginn et Aschränkungen, zum Beispill dierf et net ze spéit ginn, soss kann de Service net genotzt ginn. Vill Concerten, Kinosfilmer oder Theateropféierunge sinn awer dacks méi spéit. Doduerch kënne Leit mat Handicap net dorun Deel huelen, wann si op den Adapto ugewise sinn.

Den Adapto gëtt dann och net als Transportmëttel fir op d'Aarbecht ugesinn, well dofir géif et den ëffentlechen Transport ginn. Dëst entsprécht awer net ëmmer dem reelle Besoin. Dobäi kënnt, dass ee säi Führerschäi muss ofginn, fir den Adapto notzen ze dierfen. Wann Aarbechter:innen mat Handicap et packen, fir eng Plaz enzwousch bei engem Patron ze fannen, da kënnen se heiansdo trotzdeem net dohinner schaffe goen, well de Mobilitéitsministère mengt, dass si capabel ass, fir op den ëffentlechen Transport zréckzegräifen, fir op d'Aarbecht ze kommen. Dës Entscheidung gëtt deemno wéi géint den Avis vum Hausdokter vun der jeeweileger Persoun getraff.

Dofir fuerdere mir Piraten eng grondleeënd Reform vum Adapto Service:

- D'Horaire vun den Transportservicer soll ausgebaut ginn;
- Am Fall wou d'Evaluatioune vum Gesondheitszoustand tëscht dem Kontrolldokter an dem Hausdokter

grondverschiede sinn, mussen béid Doktere mateneen een Austausch hunn;

- Keng Limitatiounen méi wat d'Faartenunzuel ugeet;
- Den Adapto soll och kënnen fir den Transport op d'Aarbecht genotzt ginn;
- Nieft der App muss ëmmer eng analog Ulaftstell bestoe bléiwen;
- Keng automatescht Entzëie vum Führerschäi méi mee eng Evaluatioun jee no Dossier.

Logement, betreit Wunnstrukturen an inklusiv Wunnengemeinschaften

Beim Logement gouf an deene leschte Jore scho vill verbessert. Déi méi nei Residence sinn haut normalerweis och fir Persoune mat engem Handicap accessibel. Trotzdeem ass et grad bei méi ale Residenzen nach dacks esou, dass si fir Persoune mat engem Handicap net zougänglech sinn. Et gétt awer net nëmmen Problemer um Niveau vum Accès zu Gebaier, mee och beim finanzielle Volet. Vill Leit, déi vun engem

Handicap betraff sinn, hunn keng Aarbecht mat enger gudder Remuneratioun oder si sinn a Beschäftigungsmessuren, déi net gutt remuneréiert ginn. Si kréien zwar deels Aiden vu staatlecher Säit hier, mee déi ginn net duer, fir sech selwer eppes kafen ze kënnen. Et muss awer och Persoune mat engem Handicap méiglech sinn, fir eng eege Wunneng ze hunn. Et ginn awer och Persoune mat engem Handicap, déi net eleng oder komplett eleng kënnen wunnen. Fir si muss et genuch alternativ Wunnformen ginn. Beispiller hefir wiere betreit Wunnstrukturen oder och inklusiv Wunnengemeinschaften. Leider ginn et net genuch alternativ Wunnformen. De Staat muss hei seng Verantwortung iwwerhuelen a méi finanziell Mëttel dofir zur Verfügung stellen.

Mir setzen eis dofir an:

- Dass de Staat méi finanziell Aiden zur Verfügung stellt, fir dass och Persoune mat engem Handicap sech eng Wunneng kënnen leschten;
- Dass de Staat méi finanziell Aiden zur Verfügung stellt, fir alternativ Wunnformen ze fërderen.

Barrièrefräi Mobilitéit garantéieren

Et gétt aktuell schon esou munches gemaach, fir den öffentliche Transport méi accessibel ze maachen.

Dës Ustengunge mussen awer nach verstärkt ginn, well et bleift nach ganz vill ze maachen. Eng ganz Rei vu Busser, Zich a Gare si mëttlerweil fir Persoune mat engem Handicap accessibel, awer nach längst net all. Den öffentliche Transport muss fir jidderee notzbar sinn a muss dofir 100% behënnertegerecht gebaut sinn. D'Zil muss et sinn, dass all Persoun sech eegestänneg an eisem Land ka beweegen.

Dofir fuerderen d'Piraten:

- Dass och d'Quaien op de Garen an d'Busarrête mussen entsprechend amenagéiert ginn, zum Beispill duerch Leitlinien um Buedem oder duerch eng passend Héicht fir d'Rampen;
- Hei muss de Staat dann och d'Gemengen encouragéiere fir d'Quaien an hire Gemenge fir Persoune mat engem Handicap entsprechend ze amenagéieren;
- All d'Garen am Land mussen esou amenagéiert sinn, dass ee kann op all Gare eran an eraus klammen.

Accès op Elektroborne fir Persoune mat ageschränkter Mobilitéit

An Zukunft sollen alleguer d'Autoen elektresch fueren, also natierlech och déi vu Persoune mat engem Handicap. Aktuell ass et awer esou, dass et keng festgeluechte Virgabe bei der Installatioun vu Bornen am öffentliche Raum gétt fir den Zougang zu de Borne fir Persoune mat engem Handicap ze assuréieren. Och op europäeschen Niveau ginn et hei bis

elo nach keng Virgaben. Hei kéint Lëtzebuerg eng Virreiderroll iwwerhuelen an zesumme mat den Associatiounen aus dem Beräich vum Handicap Normen entwéckelen a festleeën. Amplaz op eng europäesch Direktiv ze waarden, kéint een dëst also haut scho an Ugrëff huelen an domat och vill onnéideg Käschte vermeiden, fir herno schonn existéierend Bornen unzepassen oder ze erneieren, well se enger Norm net entsprechen.

Fir ee Master an der Inklusioun

Fir Persounen, déi am Beräich vum Handicap schaffen ass eng gutt Formatioun ganz wichteg. Aus dem Secteur gouf dowéinst an der Vergaangenheet schonn e Studiegang, zum Beispill e Master an der Inklusioun gefuerdert. Et gouf dann och schonn éischt Gespréicher mat Vertrieeder vun der Universitét, mee et ass bis haut näischt geschitt. Fir eis ass dës Fuerderung awer duerchaus sënnvoll, soudass mir eis dofir engagéieren, dass och Studiegäng wéi zum Beispill e Master an der Inklusivsioun sollen ugebuede ginn.

Fir méi Inklusiounscrèchen

Vill Eltere mussen haut zu zwee schaffe goen, fir finanziell iwwert d'Ronnen ze kommen. Während sinn op der Aarbecht sinn, mussen si hir Kanner friem betreie loossen, zum Beispill an enger Crèche. Während et fir vill Famille schonn eng Erausforderung ass, fir eng Plaz an enger Crèche fir hiert Kand ze fannen, esou ass fir Eltere vun engem Kand mat engem Handicap nach vill méi schwéier. Et ginn net genuch Inklusiounscrèchen a Stand aktuell ginn d'Waardelëschte bis 2025. Dat ass däitlech ze laang a fir d'Familien dacks net ze bewältegen. Fir elengerzéiend Elteren ass et dann nach vill méi schwéier. De Staat muss de Bau respektiv d'Opmaache vun inklusiv Crèche massiv férdere fir déi laang Waardezäiten ofzebauen.

Fir méi inklusiv Spillplazen

Déi meeschte Kanner gi gäre raus op Spillplaze spillen, esou och Kanner mat engem Handicap. Jee no der Aart vum Handicap sinn déi regulär Spillplaze fir si awer net accessibel. Mee och Kanner mat engem Handicap mussen kënnen op Spillplaze goen, wou si sech austoben, Spaass hunn a mat anere Kanner, egal ob mat oder ouni Handicap, kënnen interagieren. Stand haut ginn et awer nach net vill inklusiv Spillplazen hei am Land. Op e puer wéinege Plazen, wou et esou Spillplaze gëtt, sinn se dann och nach zum Deel opgespaart oder an engem Eck verstoppt, wou se nëmme schwéier ze fanne sinn. Dat fanne mir inakzeptabel. Lëtzebuerg brauch méi inklusiv Spillplazen an d'Gemenge sollen och méi finanziell Aide kréien, wann si eng scho bestoend oder eng nei Spillplaz och fir Kanner mat engem Handicap amenagéieren.

Congés speciaux

Et ginn hei zu Lëtzebuerg eng ganz Rei u spezielle Congéen, dozou gehéiert ënnert anerem och de Congé pour raisons familiales. D'Virgaben zu der Unzuel un Deeg, zum Beispill beim Congé pour raisons familiales si ganz spezifesch an hänke vum Alter vum Kand of. Dëst ass fir vill Familien dann och kee Problem. Anescht gesäit et awer fir Familien aus, déi e Kand mat engem Handicap hunn. Hei kann d'Altersgrenz zu engem ganz grouse Problem ginn. Grad bei Kanner mat engem mentalen Handicap kënnt et vir, dass de biologeschen Alter an de mentalen Alter net gläich sinn. Bei de Congés pour raisons familiales an aner spezielle Congéë muss déi reell Behënnerung vum engem Kand gekuckt ginn an net just den Alter um Pabeier. D'Eltere vu Kanner mat engem Handicap sollen dowéinst dann och ënner gewësse Konditiounen méi Deeg beim Congé pour raisons familiales zougestane kréien, fir sech ëm hir krank Kanner ze këmmere, ouni dofir regulär Congésdeeg mussen ze huelen.

Medezinesch Traitementer

All Mënsch gëtt a sengem Liewe mindestens emol krank a brauch een Dokter. Awer och bei der Präventioun ass

d'Medezin gefrot. Déi klassesch Medezin ass awer dacks net fir Leit mat Handicap gëeegent. D'Dokteren an d'Gesondheetspersonal sinn dacks iwwerhaupt net oder net genuch forméiert an informéiert fir Persoune mat engem Handicap gutt behandelen ze kënnen. Eng gutt medezinesch Versuergung ass fir Persoune mat engem Handicap awer genau esou wichteg wéi fir all anere Mënsch och. Dowéinst mussen méi Formatiounen an och obligatoresch Formatioune fir Dokteren an d'Personal aus dem Gesondheetssecteur ugebuede ginn. Nëmme mat de richtege Formatioune kann déi beschtméiglech Prise en charge ugebuede ginn.

Fir eng inklusiv Digitalisatioun

Leit mat Handicap sinn nach ëmmer vill ze dacks vun der Digitaliséierung ausgeschloss. Vill Servicer oder Internetsäiten si fir Leit mat engem Handicap guer net accessibel. Ganz dacks gëtt nach ëmmer keng Sprochoausgab op de Bankomater, Gebäerdesprooch ugebueden, et gi keng Ënnerstitel oder keng liicht Sprooch. Dëst betrëfft och nach ëmmer d'Internetsitten an d'Servicer vun öffentlechen Institutiounen. Grad hei ass de Staat awer an der Verantwortung a muss dofir suergen, dass och Persoune mat engem Handicap Accès hunn, sech zu recht fannen an d'Offer benotze kënnen.

Assurance dépendance

Assurance Dépendance soll sech net nëmmen op den Dépendance-Grad fixéieren. An da just duerfir suergen dat eng Persoun lessen, sech wäschen a schlofen kann.

Mir Pirate fuerderen:

- Dass d'Assurance dépendance sech och op Preventioun fokusséiert, well ee mat enger gudder Virsuerg, Dépendance no hannen geréckelt ka ginn. Sou kënnen Leit méi laang eng gréistméiglech Selbststännegkeet erhalten. Zill soll et sinn dat Leit kënnen doheem wunne bleiwen;
- Dass Leit nees méi oft kënnen vun de Servicer profitéiere fir hier Akeef ze maachen;
- Méi Gardestonne fir Famill ze entlaaschten.

MOBILITÉIT: ÉFFENTLECHEN TRANSPORT

Barrièrefräi Mobilitéit garantéieren

Et gëtt aktuell schon esou munches gemaach, fir den öffentlechen Transport méi accessibel ze maachen.

Dës Ustregunge mussen awer nach verstärkt ginn, well et bleift nach ganz vill ze maachen. Eng ganz Rei vu Busser, Zich a Gare si méttlerweil fir Persoune mat engem Handicap accessibel, awer nach längst net all. Den öffentlechen Transport muss fir jidderee notzbar sinn a muss dofir 100% behënnertegerecht gebaut sinn. D'Zil muss et sinn, dass all Persoun sech eegestänneg an eisem Land ka beweegen.

Dofir fuerderen d'Piraten:

- Dass och d'Quaien op de Garen an d'Busarrête mussen entspreichend amenagéiert ginn, zum Beispill duerch Leitlinnen um Buedem oder duerch eng passend Héicht fir d'Rampen;
- Hei muss de Staat dann och d'Gemengen encouragéiere fir d'Quaien an hire Gemenge fir Persoune mat engem Handicap entspreichend ze amenagéierten;
- All d'Garen am Land mussen esou amenagéiert sinn, dass ee kann op all Gare eran an eraus klammen.

9. Fokus

Website: www.fokus.lu

Angebote Sprachen: LUX.

Kandidaten bewerben sich für: Norden, Osten, Süden.

9.1. Technische Analyse des Wahlprogramms

9.1.1. Datei "programm_nat23_plusaddendum_LU.pdf"

- Beschreibung
 - Es ist ein Komplettdokument.
 - Anzahl der Seiten: 43.
 - Sprache: Luxemburgisch.
 - Quellprogramm: PDF24 Creator.
- Positiv:
 - -
- Minus:
 - Tagging: NEIN.
 - Keine Bookmarks für Kapitelnavigation.
 - Einige Umlautzeichen sind defekt und können nicht von Screen Readern gelesen werden.
 - Deutsches Addendum.
- Anmerkungen
 - Das Dokument ist trotz seines einfachen Layouts nicht barrierefrei. Die defekten Umlaute machen das Dokument unlesbar.

9.1.2. Datei "programm_nat23_plusaddendum_DE.pdf"

- Beschreibung
 - Es ist ein Kurzprogramm.
 - Anzahl der Seiten: 44.
 - Sprache: Deutsch.
 - Quellprogramm: PDF24 Creator.
- Positiv:
 - -
- Minus:
 - Tagging: NEIN.
 - Keine Bookmarks für Kapitelnavigation

- Einige Umlautzeichen sind defekt und können nicht von Screen Readern interpretiert werden.
- Anmerkungen
 - Das Dokument ist trotz seines einfachen Layouts nicht barrierefrei. Die defekten Umlaute machen das Dokument unlesbar.

9.1.3. Datei “programm_nat23_FR.pdf”

- Beschreibung
 - Es ist ein Kurzprogramm.
 - Anzahl der Seiten: 38.
 - Sprache: Französisch.
 - Quellprogramm: Serif Affinity Publisher 2 2.0.4.
- Positiv:
 - -
- Minus:
 - Tagging: NEIN.
 - Keine Bookmarks für Kapitelnavigation.
 - Keine Lesereihenfolge: Screen Reader findet keinen Inhalt.
- Anmerkungen
 - Das Dokument ist nicht barrierefrei.

9.2. Inhalte des Wahlprogramms

VI. Méi Famill. Méi Bildung an Ausbildung. Aktiv zesumme Liewen.

D'Commission des aménagements raisonnables muss och am Fundamental fir Schüler mat spezifische Besoinen. zoustänneg ginn. Dëst zesumme mam Regionaldirekter, engem Schoulspsycholog an engem Enseignant vum betraffene Schüler, fir de bestehende System ze uniformiséieren an ze homogeniséieren.

Mir wëllen de Kanner mat spezifischen Besoinen eng gerecht Inklusioun erméiglechen. Lëtzebuerg huet an de leschten Joere vill Efforte gemaach. Mir müssen awer och unerkennen, dass eng total Inklusioun schwiereg ass, virun allem bei Kanner mat ganz staarke Beantwórtungen. Hei musse Strukturen ausserhalb vum normale Schoulkader ausgebaut a geschaf gi, fir de betraffene Kanner ee Kader ze bidden an deem si sech weiderentwéckele kënnen.

Leit mat Beantwórtung, ob jonk oder al, hunn op villen Plazen ëmmer nach vill Schwieregkeeten fir um gesellschaftlechen Liewen zu Lëtzebuerg kënnen deelzehuelen. Fokus wëll mat de Betraffene Verbesserungen diskutéieren a ganz séier ëmsetze loossen. Et gëtt héich Zäit, datt ee kierperlechen Handicap keen Exklusionsgrond aus der physescher a gesellschaftlecher Mobilitéit méi ass.

A ville Betriber ginn déi gesetzlech festgeluechte Quote vu Persoune mat engem Statut de salarié handicapé net agehalen. Fokus fuerdert, dass de Staat zesumme mat de Betriber Mëttel a Weeër fënnt fir méiglechst ville Persoune mat deem Statut de Wee an d'Aarbechtswelt opzemaachen.

10.Volt

Website: www.voltluxembourg.org

Angebote Sprachen: LUX, DEU, FRE, ENG (eine Website für ganz Europa)

Kandidaten bewerben sich für: Osten, Süden.

10.1. Technische Analyse des Wahlprogramms

10.1.1. Datei "Volt_LU_Programme2023_DE.pdf"

- Beschreibung
 - Es ist ein Kompletprogramm.
 - Anzahl der Seiten: 164.
 - Sprache: Deutsch.
 - Quellprogramm: Adobe InDesign.
- Positiv:
 - Tagging: JA
- Minus:
 - Keine Bookmarks für Kapitelnavigation.
 - Überschriften nicht oder falsch gekennzeichnet.
 - Keine alternativen Texte für Bilder.
 - Keine Kennzeichnung von Überschriften oder Listen.
 - Sprache Französisch gesetzt.
 - Tagging Reihenfolge oft falsch.
- Anmerkungen
 - Das Dokument ist begrenzt barrierefrei. Es gibt jedoch viel Raum für Verbesserungen.

10.1.2. Datei "Volt_LU_Programme2023_EN.pdf"

- Beschreibung
 - Es ist ein Kompletprogramm.
 - Anzahl der Seiten: 140.
 - Sprache: Englisch.
 - Quellprogramm: Adobe InDesign.
- Anmerkungen
 - Das Dokument wurde identisch zur deutschen Version erstellt und bietet die gleichen Kritikpunkte.

10.1.3. Datei “Volt_LU_Programme2023_FR_0.pdf”

- Beschreibung
 - Es ist ein Kompletprogramm.
 - Anzahl der Seiten: 150.
 - Sprache: Englisch.
 - Quellprogramm: Adobe InDesign.
- Anmerkungen
 - Das Dokument wurde identisch zur deutschen Version erstellt und bietet die gleichen Kritikpunkte. (Aus Versehen ist hier die Sprache korrekt gesetzt.)

10.2. Inhalte des Wahlprogramms

GLEICHE RECHTE FÜR ALLE

In einem freien und demokratischen Staat muss jede*r seine Rechte wahrnehmen können. Allerdings laufen Minderheiten dabei oft Gefahr, übergangen zu werden, und so kommt es immer wieder vor, dass nicht alle Menschen gleichermaßen berücksichtigt werden. Die Rechte von Menschen dürfen nicht aufgrund ihrer Hautfarbe, Religion, Sexualität, ihres Geschlechts oder einer Behinderung eingeschränkt werden. Wir setzen uns für die Stärkung der Rechte aller Menschen in Luxemburg und ganz Europa ein.

11. KPL – Kommunistische Partei Luxemburg

Website: www.kommunisten.lu

Angebote Sprachen: DEU.

Kandidaten bewerben sich für: Osten, Süden, Zentrum.

11.1. Technische Analyse des Wahlprogramms

11.1.1. Datei "Wahlprogramm_der_KPL_zu_den_Chamberwahlen_2023.pdf"

- Beschreibung
 - Es ist ein Komplettdokument.
 - Anzahl der Seiten: 44.
 - Sprache: Deutsch.
 - Quellprogramm: Acrobat Distiller.
- Positiv:
 - Tagging: NEIN.
- Minus:
 - Keine Bookmarks für Kapitelnavigation.
 - Sprache nichtgesetzt.
- Anmerkungen
 - Das Dokument ist, obwohl es nicht getaggt ist, für Personen mit Screen Readern nutzbar. Das ist jedoch ein Nebeneffekt des sehr einfachen Layouts. Die Autoren haben offensichtlich nicht an Barrierefreiheit gedacht.

11.2. Inhalte des Wahlprogramms

Um die Kaufkraft aller Schaffenden und Rentner zu erhalten und zu erreichen, dass niemand in Armut leben muss, setzt sich die KPL ein für:

- Eine strukturelle Erhöhung des gesetzlichen Mindestlohns, der Mindestrente, sowie des Einkommens zur sozialen Eingliederung (Revis) und des Einkommens für Schwerbehinderte um 20 Prozent. Keine Zurückerstattung des Einkommens zur sozialen Eingliederung und des Einkommens für Schwerbehinderte an den Staat;

Für wirkliche Gleichberechtigung zwischen den Geschlechtern

- Eine strukturelle Erhöhung des gesetzlichen Mindestlohnes, der Mindestrente, sowie des Einkommens zur sozialen Eingliederung (Revis) und des Einkommens für Schwerbehinderte um 20 Prozent;

Kultur für alle

Die KPL tritt dafür ein,

- dass Jugendliche, Menschen mit Handicap, Rentner, REVIS-Bezieher, Arbeitslose, Asylbewerber und Familien mit geringem Einkommen einen sämtliche Kulturangebote umfassenden Kulturpass bekommen, der ein Anrecht auf verbilligte Eintrittskarten oder Freikarten für Kino, Theater, Konzerte und Festivals enthält. Der existierende

Kulturpass »Cultur'All« muss von allen Kulturinstitutionen anerkannt und in der Öffentlichkeit besser beworben werden. Die großen nationalen Kulturhäuser sind keine privaten Etablissements des Finanzplatzes und der Unternehmen, ihre Tore müssen allen Bevölkerungsschichten offenstehen;

- dass in jeder Gemeinde mit über 5.000 Einwohnern kostenlose Kunstateliers für Menschen mit Handicap und für Kinder und Jugendliche – vor allem während der Schulferien – sowie Kunstkurse für Erwachsene organisiert werden. Auf diese Weise können auch Rentner, REVIS-Bezieher, Arbeitslose und Asylbewerber in das öffentliche kulturelle Leben integriert werden;

Eine Verkehrspolitik im Interesse der Schaffenden, Rentner, Menschen mit Behinderung, Schüler und Studenten

(im Text keine weitere Erwähnung)

12.Liberté - Fräiheet !

Website: www.fraiheet.lu

Angebote Sprachen: LUX, FRE, ENG.

Kandidaten bewerben sich für: Norden, Osten, Süden, Zentrum.

12.1. Technische Analyse des Wahlprogramms

Es existiert lediglich ein kurzes Wahlprogramm auf dem Web.

12.2. Inhalte des Wahlprogramms

INTEGRATIOUN VUM HANDICAP

Zum verständnisvollen Zesummeliewen gehéiert och datt Leit mat egal wéi engem Handicap esou wäit wéi méiglech kënnen um dagdeegleche Liewen deelhuefen. sech Barrièrefräi beweegen ass dobäi nach déi einfachst, mee och wichtegst Moosnam. Fuert mol eng Kéier mam Rollstull an enger x-beliebeger Stiedchen...

13.déi Konservativ - f'Fräiheetspartei

Website: www.deikonservativ.eu

Angebote Sprachen: LUX.

Kandidaten bewerben sich für: Norden, Süden.

13.1. Technische Analyse des Wahlprogramms

Stand 26.09.2023

Es existiert kein Wahlprogramm. Auf der Website findet sich lediglich folgender Vermerk.

"National Walen 2023 - Mir sinn Amgaangen un dësem deel ze schaffen"

14. Fazit

Es ist lobenswert, dass die aktuellen Wahlprogramme inhaltlich viel mehr auf die Bedürfnisse von Menschen mit Behinderungen eingehen. In der Vergangenheit war das nicht selbstverständlich. Um so wichtiger ist es jedoch, dass diese Botschaft auch bei den betroffenen Menschen ankommt. Leider muss man jedoch feststellen, dass es bei der Umsetzung von barrierefreien Wahlprogrammen noch viel Verbesserungspotential gibt.

In diesem Jahr dürfen zum allerersten mal Personen wählen, die unter Vormundschaft (Tutelle) stehen. Das ist ein grosser Fortschritt. Leider stehen für diese Zielgruppe immer noch zu wenig Informationen bereit. Besonders positiv muss man die Wahlprogramme in leichter Sprache von LSAP und die gréng hervorheben. Diese sind nicht nur für Personen nützlich, die Probleme haben ein komplettes Wahlprogramm zu verstehen. Sie wurden zudem auch so aufbereitet, dass blinde Personen sie nutzen können. Diese Wahlprogramme wurden von der gleichen Person erstellt. Man muss also den Parteien zu Gute halten, dass sie jemanden gefragt haben, der sich damit auskennt.

Die Programme in leichter Sprache gehen leider zu wenig auf die Interessen dieser Zielgruppe ein. Es gibt dort keine Stellungnahmen zu Adapto, Leben in Institutionen, Vormundschaftsgesetz oder persönlicher Assistenz.

Man muss sich jedoch fragen warum die Parteien ihre kompletten Wahlprogramme nicht barrierefrei publizieren. Der Fokus eines Wahlprogramms sollte auf dem Inhalt und nicht auf dem Layout liegen. Man kann barrierefreie Dokumente problemlos mit Microsoft Word oder dem freien LibreOffice erstellen. Die Arbeitsschritte dafür kann man in einem Tag lernen. Barrierefreiheit und ein schönes Layout schliessen einander jedoch nicht aus. Man kann auch barrierefreie Dokumente mit einem Desktop Publishing Programm wie z.B. Adobe InDesign erstellen. Jede Werbeagentur müsste das Wissen dafür besitzen. Immerhin ist es mittlerweile Gesetz, dass öffentliche Institutionen Ihre Informationen barrierefrei anbieten müssen. Insbesondere die grossen Parteien sollten über die entsprechenden Ressourcen verfügen das auch in ihren Wahlprogrammen zu berücksichtigen.

Einige der Wahlprogramme zeigen einen Ansatz von Barrierefreiheit. Es scheint jedoch so, dass niemand die Barrierefreiheit praktisch getestet hat. Warum involviert man nicht die Betroffenen in den Gestaltungsprozess eines Wahlprogramms? Warum fragt man nicht eine blinde Person ein Wahlprogramm mit einem Bildschirmleseprogramm (Screen Reader) zu testen bevor man es publiziert?

Die Wahlprogramme sollten für jeden mündigen Bürger eine besonders wichtige Informationsquelle sein. Nur hier wird schriftlich festgelegt was die Ziele und Aktionen der Parteien sein werden im Fall eines Wahlgewinns. Deshalb sollte man diese Informationen allen Bürgern zugänglich machen und das nicht nur auszugsweise sondern ungekürzt. Es bleibt zu hoffen, dass dieses Papier dazu beiträgt, dass sich die Situation bei der nächsten Wahl verbessern wird. Wir werden das beobachten.